

gläichzesetzen ass, wat mir gesinn hunn am Juli 2021: eng punktuell staatlech Interventioun do, wou et am Fong am meeschten néideg ass.

Den aktuellen optionelle System erlaabt et, als Resident zu Lëtzebuerg fräi ze decidéieren, sech géint de Risiko vun enger Iwwerschwemmung ze versécheren. D'Leit kënnen awer nach ëmmer besser, mengen ech, sensibiliséiert ginn, fir se och op déi néideg Risiken hinzeweisen.

Trotzdem kann een awer och iwwer eng obligatoresch Versécherung nodenken. Esou eng Versécherung kéint een och u besteeënd Versécherungen, wéi zum Beispill eng Feierversécherung, dat wär de franséische Modell, oder un Immobiliekreditter koppelen. Dat ass éischer dann, wéi dat och an der Belsch gehandhaabt gëtt. Dëst géif d'Mutualisatioun vun de Risiken vergréisseren a soumat am Fong och de ganze System stäerken. De Commissariat aux assurances, also d'Iwwerwaachungsautoritéit vum Assurancësecteur, ass dozou och am Austausch mat de betroffenen Assureure säit den Onwiedere vu leschestem Joer.

Ech mengen, et ass hei esou, dass et am Fong keng perfect Léisung gëtt. All System huet seng Avantagen a seng Desavantagen, souwuel déi Assurancen obligatoresch ze maachen, eng Optioun, mee och esou e Fong, wéi Dir dat proposéiert hutt.

Ech wëll vläicht do op deem Punkt och opmierksam maachen op eng OCDE-Etüd, déi beleet, dass zum Beispill bei public Fongen, Fonds de compensation, den Delai vun den Ausbezielunge vun den Indemnisatione vill méi laang dauert. Dat ass eeben an där OCDE-Etüd analyséiert ginn an zréckbehalen ginn. An dat ass natierlech net gutt, wann esou Fongen, Fonds-publicken, op d'Bee gestallt ginn, dass dann d'Ausbezielungen do méi laang sinn. Dat ass net gutt. An ech mengen, esou eng Konklusioun muss dann och berücksichtegt ginn.

E spezielle Fokus soll awer och op de Volet Preventioun vun Iwwerschwemmungsrisiko geluecht ginn, fir an Zukunft och grouss Schied ze vermeiden. Ech mengen, do sinn och e ganze Koup Saachen, déi ee maache kann, an do soll och weider dru geschafft ginn, zesummen och mat de Gemengen.

Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, d'Evenementer vun 2021 hunn eis nach emol gewisen, dass de Klimawandel, wéi ech scho gesot hunn, e groussen, wann net dee gréissten Challenge ass, dee mer bewältege mussen. Mir gesinn, dass d'Investisementer gebraucht gi fir eng méi CO₂-neutral Gesellschaft. An ech mengen, dat maache mir och ganz konsequent hei an deem Land.

Ech stinn natierlech der Chamber an och den Deputéierten, mee och aneren Acteuren, déi sech elo viru Kuerzem am Kader och ...

M. Fernand Etgen, Président | Hei, et wier gutt, wa keen heibanne géif méi haart schwätze wéi d'Madamm Backes.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci.

Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances | Ech fannen och, d'Inondatiounen a wat mer domadder ..., wéi mer eis opstellen, ass awer e ganz wichtege Sujet, wéi gesot.

Ech kommen zu menger Konklusioun, well ech Iech wollt soen, dass ech der Chamber an den Deputéierte wéi och aneren Acteuren, déi sech dann och am Kader vum Budget 2022 zu deem Sujet dann expriméiert hunn, natierlech zur Verfügung stinn, fir dee Sujet nach weider ze verdéiwen a fir dann och an der Diskussioun an am Dialog de richtige Modell fir

Lëtzebuerg ze fannen a fir deen dann och zesummen ze identifizéieren.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Madamm Finanzministesch Yuriko Backes. Den Här Margue huet nach eng Zousazfro.

M. Charles Margue (déi gréng) | Villmools merci, Madamm Finanzministesch, fir déi wierklech ausféierlech Äntwert. Dat heescht, ech hu richteg verstanen, dass Pourparlere lafen, dass bei der ACA de Projet amgaang ass, no enger Léisung gesicht ze ginn. Déi éischt Zousazfro: A wéi enger Echeance soll dat sinn? Sinn dat och sämtlech Schied, Intemperien, well mir komme jo hier vum Waasserschued, mee, wéi ech gesot hunn, hu mer duerch d'Dréchent och Résschied. An da stellt sech fir mech ëmmer d'Fro, awéifern d'Leit à même sinn, ...

(Interruption)

... ech Iech, Dir mir kënt zoomudden, eng Risikoofschtzung ze maachen. Bis ewell hu grouss Assureuren 80 % vun hire Leit mat op de Wee kritt an déi kleng Assureure verkafen et iwwerhaupt net, fir hir Primmen niddreg ze halen, fir an de Marché eranzekommen. Dat heescht, do si mer och bei enger Distorsion, a wien ass herno den, pardon, Gelackmeierten, wann et ze spët ass? Obligatioun oder Netrisikoaschtzung jiddwerengem selwer iwwerloossen oder net, ech hu meng Zweifelen dodrun.

Merci villmools.

Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances | Merci. Jo, ech kann Iech confirméieren: Déi Diskussiounen, déi lafen, déi musse weider am Detail gefouert ginn. Mir haten natierlech elo e ganze Koup aner Krisesituatiounen, déi par la force des choses d'Iwwerhand haten, mee ech kann Iech versécheren, dass mer dat souwuel beim Staat – also an der Regierung, an do sinn natierlech verschidden Acteuren –, mee och zesumme mam Assurancësecteur wäerte weider am Detail kucken an ausschaffen.

A wéi gesot, nach eng Kéier: Ech stinn Iech zur Verfügung, der Chamber, mee och deenen aneren Acteuren, déi sech zu Wuerd gemellt hunn zu deem Sujet, déi jo och vläicht nach ganz, ganz interessant Vuen hunn op esou e Fong, fir mat hinnen ze schwätzen a fir déi richteg Léisung fir eis ze fannen.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Madamm Finanzministesch.

5. 8021 – Projet de loi portant approbation de l'« Agreement between the Grand Duchy of Luxembourg and the Republic of Rwanda for the elimination of double taxation with respect to taxes on income and on capital and the prevention of tax evasion and avoidance », fait à Luxembourg, le 29 septembre 2021

8023 – Projet de loi portant approbation de la « Convention between the Grand Duchy of Luxembourg and the Republic of Ghana for the elimination of double taxation with respect to taxes on income and on capital and the prevention of tax evasion and avoidance » et du Protocole y relatif, faits à Luxembourg, le 13 décembre 2021

Den nächste Punkt ass de Projet de loi 8021, eng Konventioun mam Ruanda, déi d'Duebelbesteuerung ofschaaft, an de Projet de loi 8023, eng Konventioun, déi d'Duebelbesteuerung mam Ghana ofschaaft. D'gemeinsam Riedezeit ass nom Basismodell festgeloucht. An ech géif d'Wuert direkt un de Rapporteur vun deenen zwee Projets de loi, den honorabelen Här Guy Arendt, ginn. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

Rapports de la Commission des Finances et du Budget

M. Guy Arendt (DP), rapporteur | Jo, merci, Här Président. Dir léif Kolleginnen a Kollegen, wéi Der et wësst, ass dat heiten elo déi x-te Konventioun, déi ech scho presentéieren, an de Langage ass natierlech ëmmer dee selwechten.

Eis Finanzpolitik ass e wichtege Pilier fir d'Attraktivitéit vun onsem Land an dozou gehéiere ganz vill verschidden Aspekter. An e grouse Virdeel vun eiser Finanzplaz ass, dass mir Member an der Europäescher Unioun sinn an esou de Banken an Investisseuren direkten Accès op den Europäesche Bannemaart ginn. Mee fir attraktiv ze sinn an ze bleiwen, geet dat eleng net duer. Mir mussen ënner anerem awer och eis bilateral Beziungen ënnerhalen a weider ausbauen.

An der Finanzpolitik ass d'Zil, fir dank Konventiounen Léisungen ze fannen, déi am Interêt vun den zwee betraffene Länner sinn. Dat betrëfft virun allem d'Duebelbesteuerungsofkommessen, déi Lëtzebuerg mat anere Länner negociéiert respektiv negociéiert huet.

De Grand-Duché huet iwwer 80 där Konventiounen mat Staaten aus der ganzer Welt ënnerzeechent. Dozou gehéieren zemoos eis Nopeschlänner, mee awer och Staaten, déi duerch d'ganz Welt verstreut sinn. Mir hu fir d'lescht am März vun dësem Joer esou en Duebelbesteuerungsofkommess mat Äthiopien hei an der Chamber ratifizéiert.

Effektiv sinn d'Duebelbesteuerungsofkommessen e wichtege Bestanddeel vun eiser Finanzpolitik. Iwwerdeems erlaben dës Konventiounen et, déi bilateral wirtschaftlech Relatiounen ze stäerken. Si vereinfachen d'Echangé vu Kapital, Technologien an och vu Persounen.

Fir Lëtzebuerg ass et dohier wichtig, de Reseau vun dësen Konventiounen weider auszubauen. De Fokus vun der Lëtzeburger Politik louch an der Lescht haaptsächlech bei den afrikanesche Länner. An deem Kader dierf ech Iech haut zwee Gesetzesprojeten zesumme virstellen, dat fir d'ratifikatioun vun de Konventiounen mam Ruanda a mam Ghana.

D'Konventioun mam Ruanda gouf den 29. September 2021 zu Lëtzebuerg ënnerschriwwen. D'Konventioun mam Ghana gouf den 13. Dezember vum leschte Joer ënnerschriwwen. Vu datt de Prinzip bei esou Konventiounen ëmmer dee selwechten ass, ginn ech elo a menger Ried op déi zwou Konventiounen an.

D'Hauptziler dovun sinn, d'Duebelbesteuerung an der Akommes- a Verméigenssteuer ze vermeiden a géint Steierhannerzéiung virzegoen. Dat heescht, et gëtt evitéiert, dass ee keng oder bal keng Steiere bezilt, also Steierevasioun oder Steierbedruch mécht.

D'Besteuerungsrechter tëschent de jeeeweilege Staate ginn also opgedeelt tëschent dem Land, wou d'Reichesse kreéiert gëtt, an deem Land, wou de Beneficiaire säi Wunnsätz huet.

D'Texter vun de Konventiounen baséieren op de Modeller vun den zwee Länner a respektéieren natierlech déi jeeeweileg Interëten. Et si schlussendlech equilibréiert Konventiounen, déi d'Dispositiounen aus de Steierregimme vun de jeeeweilege Länner

iwwerhuelen a gläichzäiteg den internationalen Normen Rechnung droen. Hei schwätzen ech vun de Modellen zemoos vun der OECD, mee och deels vun de Vereenten Natiounen, an dat op Nofro vum Ruanda respektiv vum Ghana. Dës zwou Konventiounen sinn also natierlech konform zu de BEPS-Reegelen, déi um Niveau vun der OECD ausgeschafft goufen.

Mat dëse Konventiounen kommen also elo nees zwee Puzzlestécker an der Lëtzebuurger Legislatioun derbäi. Eng performant Legislatioun, déi den Acteuren juristesche Sécherheet souwéi d'Méiglechkeet, international ze schaffen, gëtt: Och dat ass en Deel vun eisem Ekosystem, vun eisem Erfolleg.

De Staatsrot huet a sengem Avis vum 15. Juli keng Observatioun gemaach. D'Chambre de Commerce huet hir Avisen de 4. respektiv de 6. Oktober erausginn. D'Avisen sinn awer leider eréischt geschéit an der Chamber ageginn, esou datt d'Avisen net am schrëftleche Rapport ernimmt goufen, mee dowéinst wëll ech haut a mengem mëndlechen Rapport drop insistéieren, datt d'Chambre de Commerce déi zwou Konventiounen guttheescht.

Fir weider Detailler verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport souwéi déi respektiv Avisen. Schlussendlech dierf ech der Madamm Finanzministesch an hire Beamten aus dem Finanzministère Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht bei dësem Projet. An d'DP-Fraktioun gëtt dann och hiren Accord zu dësem Projet de loi.

Ech soen Iech Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Rapporteur Guy Arendt.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar agedroen. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Laurent Mosar (CSV) | Merci, Här President. Ech fänken och mat engem grouse Merci un un eisen exzellente Rapporteur Guy Arendt, deen eis fir déi zwee Projet-de-loien nach eng Kéier d'Wichtigkeet vun deenen Accords bilatéraux erkläert huet. Ech mengen, et ass och wichteg fir d'Kompetitivitéit an d'Attraktivitéit vun eiser Finanzplaz, vun eisem Land, wann een an déi Richtung vun esou Accord-bilaterale geet. Mir haten och schonn an der Vergaangenheet iwwert deen een oder deen anere geschwat. An ech kann Iech och soen, datt mir natierlech och zu deenen zwee Projet-de-loien eisen Accord wäerte ginn.

Ech wollt awer vun der Geleeënheet profitéieren, fir déi eng oder aner Fro och an deem ganze Kontext ze stellen. Éischtens, Madamm Finanzminister, wou si mer am Moment nach a Verhandlung mat Accord-bilateralen? Hei sinn elo zwee afrikanesch Länner. Et stellt sech och d'Fro, ob mer Richtung Südamerika an esou Accorde ginn. Wéi gesot, generell wär ech vläicht frou, wann Der eis do kéint e bësselche soen, wat nach an der Pipeline ass a wat an deenen nächste Méint eventuell nach kéint.

Dann en zweete Punkt, an et ass awer e klengt Bedauern, dat ech hunn. Dat ass, datt mer awer amgaange sinn, e bëssen de Wee vum Multilateralismus ze verloossen, fir a Richtung Bilateralismus ze goen. Ech mengen, de Multilateralismus ass eigentlech nach ëmmer den ideale Wee. A wann een deen net méi esou ka goen, da muss een natierlech à titre subsidiaire deen anere goen.

An dofir wollt ech och an deem Kontext nach eng Kéier froen, wou déi verschidden Initiativen um Niveau vun der OECD dru sinn. An do denken ech ganz

besonnenes un d'Minimalbesteuerung. Wou, wat ass am Moment do d'Situatioun? Et huet een elo schonn eng Rei vu Méint näischt méi héieren. Ass awer nach ëmmer de Wëllen do um Niveau vun der OECD, fir déi Minimalbesteuerung duerchzesetzen?

An am selwechten Otemzuch géif mech och interesséieren, wou déi ganz europäesch Initiativen dru sinn. An do denken ech och ganz besonnenes un deem ACCIS-Projet, deen do nach ëmmer an der Maach ass. Och do hu mer scho säit enger Rei vu Méint näischt méi héieren. An och do wär ech frou, wann Der eis vläicht kéint e bësselche soen, wat am Moment d'Situatioun ass.

Dat gesot, soen ech e grouse Merci an, wéi gesot, ech bréngen den Accord vu menger Fraktioun.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Mosar. An ech ginn d'Wuert dann un den honorabelen Här Yves Cruchten.

M. Yves Cruchten (LSAP) | Här President, ech soen dem Här Guy Arendt villmools Merci fir seng zwee Berichter an ech ginn den Accord vun der LSAP.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Cruchten. An da wier et un der honorabelen Madamm Josée Lorsché.

Mme Josée Lorsché (déi gréng) | Här President, och mir ënnerstëtzen déi zwee Puzzlestécker, déi an der Lëtzebuurger Steierpolitik derbäikommen, d'Duebelbesteuerung verhënnere. An dofir soe mer och dem Guy Arendt e grouse Merci fir säi Rapport.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Lorsché. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo, Här President, villmools merci. An och vun eiser Säit aus e grouse Merci dem Här Arendt fir déi zwee Rapporten. Mir wäerten dat och ënnerstëtzen a speziell wëlle mer och ënnerstëtzen, datt mer Richtung Afrika ginn. Dat ass e Kontinent mat enormer Zukunft.

Déi lescht COP huet och nach eng Kéier kloer gewisen, datt dee Kontinent sech wëll entwéckelen, a mir hu Vertrauen doranner. An dofir ass et och gutt, wa Lëtzebuerg vun Ufank un ekonomesch Relatiounen mat deem Kontinent huet a se permanent verstärkt.

Ech wëllt awer trotzdem e Kommentar maachen iwwer eis Selektivitéit, déi mer awer weise bei de Mënscherechter. Well Mënscherechter sinn u sech universell an net selektiv. A mir ginn hin a bei verschiddene Länner ënnersträiche mer zu Recht, datt Problemer bei der Mënscherechtssituatioun a bei demokratesche Strukturen bestinn, bei aneren, och wa se an Afrika sinn, wéi mer et haut héieren hunn, soe mer dozou näischt oder net vill. Dat ass eng Selektivitéit, déi mir als ADR net gutt fannen.

Ech wëll dofir hei soen, just fir komplett ze sinn an eiser Diskussioun, datt mer awer bei eise Kolleegen hei am Ruanda trotzdem en Zoustand hunn, dee mir elo net terribel gutt fannen. Den Här Kagame, dee kann theoreetesch bis 2034 President bleiwen. Dat erënnert mech un en anert Land, wou mer e bësse méi virsichteg sinn an eise Relatiounen. Mir müssen ëm och felicitéieren. Mir liesen hei, datt en 2017 gewielt ginn ass mat 98 % vun de Stëmmen. Dat ass net schlecht bei enger Walbedeelegung vu 97 %. Mir hunn eng Walflicht hei am Land, mir hunn déi Ziler net erreicht a vläicht, wa mer eng Kéier deen een oder anere Kontakt mam Ruanda hunn, kënne mer froen, wéi se dat fäerdegbréngen.

Une voix | Grad wéi Äre Frënd, den Här Putin.

(Hilarité)

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo, et ass interessant. D'Liberté de presse gëtt agesch... Mir sinn net selektiv, mir huelen déi selwecht Standarden ... Da gëtt do och d'politesch Oppositioun ënnerdréckt. Et gëtt Disparitiounen. Et gëtt Assassinatpolitik, Tentatives d'assassinat. Bon, ok.

Dann hu mer nach en anere Punkt, deen eis och interpelléiert. D'Republik vum Kongo, d'Republique démocratique du Congo, reprochéiert dem Nopeschland Ruanda, de militäreschen Opstand do ze ënnerstëtzen, notament d'Beweegung M23. Ech wëll dat just hei soen, well wa mer dat an aneren Diskussiounen mat Recht kritiséieren – net datt mer hei falsch verstane ginn, vollkommen zu Recht, datt mécht een net –, mee da muss een et bei deenen enge soen an och bei deenen aneren. A mir soen dat eeben hei och.

Am Ghana ass d'Situatioun besser, esou schéngt et op jidde Fall emol hei, wann ech um Internet kucken. Mee och do gëtt et kaum Progrès bei der Ofschafung vun der Doudesstrof, et gëtt Zwangsraumungen – wat gëtt et nach alles? –, massiv Kanneraarbecht, weiblech Genitalverstümmelung.

Also mir hunn hei Länner, zu deene mir kloer soen als ADR: Jo, mir wëlle mat hinnen ekonomesch zesummeschaffen, och an der Perspektiv, datt eng ekonomesch Zesummenaarbecht nëmme kann derzou bäidroen, och en allgemengen Echange iwwer politesch Sujeten ze hunn. An zu deene mussen och ëmmer d'Mënscherechter an och de Respekt virun der territorialer Integritéit vun den Nopeschstaate gehéieren, ob dat Land elo Ruanda heescht oder anescht.

Mee, wéi gesot, Här President, mir wäerten dat hei mat ënnerstëtzen. Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kartheiser. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Ech maachen et ganz kuerz. Beim Projet 8023: Dee mer kënne matdroen. Dat ass deen, deen de Ghana betrëfft. A beim Projet zum Ruanda wäerte mer eis enthalten, net well mer eppes géint Antiduebelbesteuerungsofkommessen hunn, mee well et an eisen Aen einfach inkohärent ass, mam Ruanda, wat eng Diktatur ass, esou en Deal ze maachen an och nach Kooperationsaarbecht mat Länneren ze maachen – hu mer d'lescht Woch schonn ugeschwat –, déi manifestement eng Diktatur sinn.

Den Här Kartheiser huet et e bësse méi léif verpaakt an huet och nach déi néideg Zuele genannt. Just well vläicht deen een oder anere perséinlech Lienen zum Ruanda huet, heescht dat nach laang net, datt et e Land ass, wou alles gutt ass a mat deem mer am Moment kënne vertrauensvoll zesummeschaffen.

Just fir d'Opbau vum engem Financial Centre an enger Diktatur elo en Antiduebelbesteuerungsofkommess ze maachen, geet eis Piraten definitiv net wäit genuch. Dat ass inkohärent. Mir sollte ganz kloer och eis Wirtschaftspolitik an eis Finanzpolitik un deem ausrichten, wat eis Wäerter ausmaachen. Dat soe mer zu Recht, wann et ëm Russland geet, dat soe mer zu Recht, wann et ëm Wäissrussland geet, da mussen mer et och bei aneren Länner geltend maachen an net nëmme dann, wann et eis souwisou net géif wéiden.

Deementspriedend wäerte mir eis do enthalten. Den Accord ass nun emol verhandelt a mir hunn eng Traktatioun, net géint international Accorden ze stëmmen.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Finanzminis-tesch Yuriko Backes.

Prise de position du Gouvernement

Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, fir d'éischt dem honorabelen Deputéierte Guy Arendt e grouse Merci fir säin exzellente schrëftlechen an natierlech mëndleche Rapport.

Ech géif dann och an enger Kéier op déi zwee Pro-jete ganz kuerz agoen. Et handelt sech hei jeeeweils ëm déi éischt Konventioun mam Ruanda wéi och mam Ghana. Dës zwee Accorde bestätegen dann och d'Efforten, déi d'Lëtzebuurger Regierung an deene leschte Jore gemaach huet, fir de Reseau vu Steuer-konventiounen no an no ze completéieren an och no an no ze verbesseren. Am Ganze besteet dëse Reseau mëttlerweil aus 83 Konventiounen, déi dann haut och en vigueur sinn.

Wéi ech schonn am März hei erwänt hat bei der Presentatioun vum Gesetzesprojekt zur Steuerkonven-tioun mat Äthiopien, ass eise Réseau conventionnel an der leschter Zäit och mat Länner vum afrikane-sche Kontinent erweidert ginn. Esou hunn och éischt Negotiatiounen, fir da schonn direkt op eng Fro ze äntweren, mat den Autoritéite vun der Côte d'Ivoire virun e puer Woche stattfont.

A fir Iech en Iwwerbléck ze ginn an Zuelen: Aktuell hu mer mat zéng afrikanesche Länner eng Konventioun ënnerschriwwen. Siwen dovunner sinn haut dann och schonn en vigueur. Déi aner dräi, notament Äthiopien an déi heiten zwee dann, sinn an der Ratifi-katiounsprozedur.

A well Der gefrot hutt: „Wat ass an der Pipeline?“ Wat nach an der Pipeline ass, ass d'Konventioun mat Däitschland. Do ass natierlech méi spezifesch den Teletravail, deen do viséiert ass.

Zréck dann zu eisen zwee Accorde vun haut mam Ruanda a mam Ghana, déi allen zwee natierlech – an den Deputéierten Här Arendt huet et scho gesot – déi international Standarde vun der OCDE beinhalten, notament d'BEPS-Elementer wéi och den Austausch vun Informatiounen, sou wéi d'Politique convention-nelle dat säit enger Rei vu Joren elo jo och scho virgesäit. An d'Fongen, déi sinn och vu béide Konven-tiounen couvériert.

Déi zwou Konventiounen sinn equilibréiert Texter, déi d'Elementer aus den Konventiounsmodellen aus béide jeeeweilege Partnerlänner iwwerhuelen an deemno déi respektiv Interëten dann och respektéieren.

Déi zwee Länner, wéll ech och soen, stoungen op der Prioritéitslëscht vun der Chambre de Commerce. Do-fir freet et mech, dass mer deem och kënnen dann hei Rechnung droen. An ech wéll Iech och Merci soe fir dee grouse Soutien, dee sech op dësen zwee Pro-jete dann hei féint.

Den honorabelen Deputéierten hat nach Froen hei gestallt, déi näischt direkt elo heimat ze dinn hunn. Déi Initiativ vun der OECD, ech mengen, et ass haupt-sächlech de Pilier zwee, deen do viséiert ass, do wësst Der, an ech mengen, dat kënnt Der och liesen, an der internationaler Press ass dat e bëssen thematiséiert ginn, dass dat vun engem EU-Land de Moment nach blockéiert gëtt, fir net ze soe vun Ungarn. An ech mengen, de Sujet ass och nees um Ordre du jour vum nächsten ECOFIN Ufank Dezember, wou ech ganz staark hoffen, dass dat Land dann och wäert mat op dee Wee goen, fir dass mer do Unanimitéit an der Europäescher Unioun hunn. Wéi gesot, dat ass um Ordre du jour vum nächsten ECOFIN Ufank Dezember.

Déi zweet Saach, déi Der ugesprach hutt, mengen ech, ass den CCCTB (ndlr: Common Consolidated Cor-porate Tax Base), also d'gemeinsam Steuerbasis, an do lafen am Moment keng Diskussiounen.

Honorabel Deputéiert, Här President, ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Madamm Finanzminis-tesch Yuriko Backes. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8021. Den Text steet am Document parlemen-taire 8021².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8021 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen elo zu de Votes par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dëse Projet de loi ass mat 56 Jo-Stëmme bei 2 Nee-Stëmmen an 2 Abstentiounen ugeho.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Jessie Thill), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).

Se sont abstenus : MM. Sven Clement et Marc Goergen (par M. Sven Clement).

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitu-tionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8023. Den Text steet am Document parlemen-taire 8023².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8023 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dëse Projet de loi ass mat 57 Jo-Stëmme bei 2 Nee-Stëmmen a kenger Abstentioun ugeho.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Jessie Thill), Stéphanie Empain, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen (par M. Sven Clement).

Ont voté non : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitu-tionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

6. 7479A – Projet de loi relative à la concurrence et portant :

1^o organisation de l'Autorité nationale de concurrence ;

2^o modification de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat ;

3^o modification de la loi modifiée du 21 juin 1999 portant règlement de procédure devant les juri-dictions administratives ;

4^o modification de la loi modifiée du 10 février 2015 relative à l'organisation du marché de pro-duits pétroliers ;

5^o modification de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonc-tionnaires de l'État ;

6^o modification de la loi modifiée du 23 juillet 2016 relative à la profession de l'audit ;

7^o modification de la loi du 5 mars 2021 relative à certaines modalités de mise en œuvre du rè-glement (UE) n° 2019/1150 du Parlement euro-péen et du Conseil du 20 juin 2019 promouvant l'équité et la transparence pour les entreprises utilisatrices de services d'intermédiation en ligne ;

8^o modification de la loi du 1^{er} juin 2021 sur les relations entre entreprises au sein de la chaîne d'approvisionnement agricole et alimentaire

Mir kommen elo zum leschte Punkt vum Ordre du jour vun haut, dem Projet de loi 7479A, eng Ofänne-rung vum Konkurrenzgesetz. D'Riedezäit ass nom Mo-dell 1 festgeluecht. An d'Wuert huet elo d'Madamm Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Lydia Mutsch. Madamm Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Économie, de la Pro-tection des consommateurs et de l'Espace

Mme Lydia Mutsch (LSAP), rapportrice | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Gesetzes-projet 7479A, iwwert dee mer haut befannen, huet, wéi een esou schéi seet, schonn e laange Baart. Méi wéi dräi Joer war den Text am Riederwierk vun der parlamentarescher Prozedur an huet en cours de route méi wéi eng Modifikatioun erlieft.